



## Assemblée générale ordinaire du 16 mars 2017

### Allocution du président Thierry Ries

Dir Dammen an dir Hären  
Léif Kolleginnen a Kollegen,

Gudden Owend a Merci dass dir iech Zäit geholl hutt fir haut op eiser Assemblée générale dobäi ze sinn.

Ganz besonnesch wëll ech dann awer eis fréier Presidente Michel Schmitz a Fernand Muller begréissen.

Desweidere begréissen ech de Georges Muller, Direkter vun der Chambre des fonctionnaires a laangjäreg Member vun der AGC.

De Pierre Trausch Grënnungsmitglied vun der AGC ass leider haut den Owend verhënnert.

De Kolleg Romain Wolff kann haut leider net dobäi si well hie gewerkschaftlech am Ausland ënnerwee ass.

Last but not least wëll ech dann awer vun der Geleeënheet profitéiere fir eng Rei nei Memberen härelech wëllkomm ze heeschen. Si sinn eréicht viru kuerzem am Kader vun enger grousser Recrutementsactioun an der AGC opgeholl ginn a sinn den Owend fir d'éischt dobäi.

Ee Joer ass et hir dass mir eis hei op eiser leschter Assemblée générale zesumme fonnt hunn, zwoelf Méint an deene sech Welt net grad mat Rum bekleckert huet:

- Terrorattaken zu Bréissel, Nice, Istanbul a Berlin fir nëmmen déi ze nennen
- Biergerkrich a Syrien mat Aleppo als Schandmal fir d'Impuissance mä och fir d'Gläichgëltegkeet vun der internationaler Communautéit
- Rietspopulismus an Europa, Brexit, Fake-News an alternativ Fakten
- vu Syrien, iwwer d'Tierkei bis hin zum neie Locataire am Wäissen Haus ...

Et schéngt wéi wann et näischt méi gött wat et net gött.

An iergendwou dertëschent d'Marieland Lëtzebuerg mat senger ganz eegene weltbeweegende Problemer a Suergen:

- wéi geet et weider mat eise Kirchefabriken
- däerf ee Musée-direkter viru lafender Kamera d'Beherrschung verléieren
- a firwat sinn d'Tessy an de Louis net méi zesummen

Dir gesitt ... et war nawell och en turbulent Joer heiheem ...

Um gewerkschaftleche Plang war et dann awer e bëssi méi roueg, ofgesi vun de Problemer bei der Administration de la navigation aérienne, enger Protestaktioun géint weider Sonderopfer fir d'Fonction publique a just virun der grousser Vakanz der Approbatioun vun der CGFP hiren neie Statuten duerch d'Conférence des comités.

An net ze vergiessen, dee méi wéi acceptabelen Accord salarial dee wéi gewinnt méintelaang im stillen Kämmerlein ausgehandelt a schlussendlech op Niklosdag ënnerschriwwen ginn ass.

Grouss Changementer ginn et dann awer an der CGFP Exécutive wou de Romain Wolff de Poste vum President an de Steve Heiliger dee vum Generalsekretär iwwerholl huet.

An och wann d'Membere vum Bureau exécutif de CGFP Statute nno absolut neutral vis à vis vun hirer jeeweileger Associatioun musse sinn, da kann een nawell gespaant sinn op de Spagat deen dee neie Generalsekretär als President vun der Employés Associatioun hileeë wäert.

Schliisslech setzt d'CGFP sech jo och weiderhin dofir an dass méi Fonctionnaires a manner Employée beim Stat agestallt ginn.

Mä et kann awer och gutt sinn dass et an dësem Fall emol guer net zu engem gréissen Interessekonflikt fir deen neie Generalsekretär komme muss.

Well ënner der neier Constellatioun wäert nämlech an Zukunft de President d'CGFP net „nëmme“ presidéieren, mä si och no baussen hin représentéieren esou wéi dat bis ewell de Generalsekretär gemaach huet. Déi nei Roll vum Secrétaire général ass dann éischter déi vun engem Office Manager dee sech méi em d'Gestioun a manner em déi gewerkschaftlech Actioun këmmere wäert. Also méi Sekretär a manner Generol.

An der AGC do bleift allerdéngs alles beim alen. Bei eis ass et och weiderhin de Generalsekretär deen d'Hauptwuert féiert. An dofir kommen ech dann och schonn zum Schluss vu menger kuerzer Allocutioun an iwwerloossen et dem Blanche fir iech a sengem Rapport d'activité iwwer eis gewerkschaftlech Aktivitéit aus deene vergaangenen zwielef Méint ze informéieren.

Ech soen iech Merci.